



[www.breck.cercle.lu](http://www.breck.cercle.lu)

Informationsblad: 2015.04

Erschent 4x d'Joer

[www.facebook.com/EBMLA](http://www.facebook.com/EBMLA)



## **ONG fir Entwécklungshellef a Mëttel- a Südamerika**

BIL: LU08 00 21 1213 4270 0000

CCPL: LU041111 0883 0535 0000



**Schéi Chrëstdeeg an engt glécklicht Neit Joer**

28 Jar Entwécklungshellef a Südamerika





## Réflexions après un voyage au Pérou



Actif depuis plusieurs années auprès d'Eng Bréck mat Lateinamerika, c'était pour moi la première occasion et une belle opportunité de pouvoir participer à la mission d'évaluation des projets en cours au Pérou, dont l'un des objectifs principaux consistait en la préparation du nouvel accord-cadre pluriannuel que s'apprête à signer notre association avec le ministère de la Coopération.

Le contexte dans lequel s'inscrit ce prochain accord-cadre annonce, cette fois, un relief tout différent, dans le sens où les politiques gouvernementales actuelles poussent le ministère à restructurer l'aide au développement en faveur des « PMA » - pays les moins avancés -, soit, pour l'essentiel, des pays africains. S'il est vrai que ceux-ci présentent un niveau de développement des moins élevés de la planète, les indicateurs socio-économiques de référence ne reflètent qu'une moyenne sans nuance, occultant des disparités bien réelles.

Le Pérou, comme d'autres de ses voisins, affiche certainement un PIB bien plus flatteur mais reste également profondément marqué par une faible répartition des richesses et les inégalités. À côté de l'émergence manifeste d'une classe moyenne, subsistent effectivement dénuement, pauvreté, violence, discrimination et réclusion. Interpellant, ce fossé l'est certainement pour tout visiteur et justifie à mon sens la poursuite d'un appui aux plus défavorisés.

Le voyage que nous avons mené nous a permis de nous rendre compte des immenses besoins d'une grande part de la population, notamment en milieu rural, particulièrement affecté par la précarité – rareté de l'eau et conditions climatiques difficiles, altitude, accessibilité limitée, faible niveau d'éducation et de santé, problèmes de malnutrition, etc. – y compris pour des zones relativement proches de villes comme Cuzco qui, paradoxalement, avec la renommée et la fréquentation touristique qu'elles connaissent, ne doivent pas manquer d'entrées de ressources.

En toute évidence, les actions comme celles que mène la « Bréck » sont foncièrement utiles, constituant une base incontestable pour le déploiement ultérieur de l'autonomie des populations-cible. Un exemple concret d'intervention : les nombreux projets d'irrigation et de protection des sols pour répondre à deux problèmes majeurs auxquels sont confrontées les communautés rurales – le manque d'eau et l'érosion accélérée – et le choix d'une approche intégrée





quant aux solutions apportées, basée en outre sur la responsabilisation et la formation.

Les résultats sont tangibles. Nous avons pu observer un meilleur rendement agricole, se traduisant en qualité et quantité (deux récoltes annuelles au lieu d'une) ainsi qu'en diversification de la production (élargissement du régime alimentaire, promotion de l'élevage), visant les marchés urbains pour le développement d'une réelle autonomie locale (diversification économique, échange de produits et moins de dépendance aux aléas climatiques notamment). Par ailleurs, il faut également reconnaître une portée indirecte et appréciable de ces interventions en l'effet « boule de neige » pour les communautés voisines qui, elles aussi, s'impliquent alors dans une démarche volontaire et s'adressent aux acteurs de terrain pour un appui spécifique.

Ces résultats positifs démontrent une collaboration forte entre les différents acteurs – les partenaires de la « Bréck » et techniciens chargés de la mise en œuvre des projets, bien sûr, mais aussi les bénéficiaires eux-mêmes, la main à la pâte, acteurs de leur développement, ainsi que les autorités locales (mise à disposition de terrains ou de matériel notamment). Cette dernière approche est certainement capitale pour les projets de coopération et en représente en toute évidence leur avenir.

*Pierre-Nicolas CRESPIEN, trésorier EBMLA*



*Pierre-Nicolas reçoit un cadeau de remerciement de l'adjoint au bourgmestre de la ville de El Pedregal, capitale du district de Majes*





## Meng éischt Rees an de Peru



Am Abrël war ech mat der Famill Dahm an dem Pierre-Nicolas Crespín an den Peru. Et war meng éischt Rees dohinn, awer bestëmmt net déi lescht ! Geland si mer zu Lima wou mer bëssen d'Stad besichtegt hunn eier mer weider op Chiclayo geflu sinn. Zu Lambayeque konnte mer eis Kottengsprojéit'en ukucken an Micheline huet een neien Atelier, deen si am gang sinn ze bauen, ageweit. Dest erméiglecht et den Fraen hiert Akommes ze verbessern.



Et ass immens wat déi Fraen fir Wonnerwarker : Kleeder, Poschen, Schalen asw, fäerdeg brengen, dir kënnt verschiddenen Sachen op eisem Stand um Dikrecher Krëschtmaart kafen.

Weider gong et dunn op Cusco. Vun do aus hu mer verschiddenen Dierfer, héich an den Anden, besicht. Deen härezechen Empfang, deen déi Leit eis bereet hunn, ass onbeschreiwlech.





Vun Bewässerungsanlagen an Bestellung vun de Felder fir besser Recolten an domat eng besser Ernährung ze garantéieren, souwéi Haaalen vun Déieren, konnten mer eis iwwerzeegen. Et wär déi éischte Kéier dat ech Mierschwéngchen giess hunn. D'Kanner haten mir et besonnesch ugedoen. Op där Héicht ass d'Sonn besonnesch staark an dat huet sech op hiren klengen Baaken gewisen. Summer wéi Wanter laafen si ouni Strémp a Sandalen rondrëm.



Eis lescht Etapp wär Arequipa, méi südlech am Peru. Hei hu mer verschiden Siten besicht. Et handelt sech dobei ëm Beienziichterei, Drauwenbongerten an Uebstplantagen Awer och eng Mini- Bäckerei wou Leit 2-3x Woch hirt Brout kënne kafen.



Ech kënt nach vill iwwert meng Rees erzielen, mee dat ass fir déi nächste Kéier. Eppes hunn ech vergiess ze soen, nämlech dat ech mech an hiren Pisco-Sour verléift hunn !

E groussen MERCI un Micheline a Jacques Dahm an all déi Leit déi ech begéint hunn.

*Sonja Herrmann-Welter*





## Die EBMLA-Projekte und die Nachhaltigkeitsziele der UNO.

Bei dem Gipfel der Vereinten Nationen Ende September wurden in New York 17 Nachhaltigkeitsziele für eine bessere Welt von morgen verabschiedet.

Diese Ziele sollen auch und vor allem in der Entwicklungspolitik ihren Niederschlag finden.

Es ist wichtig zu untersuchen inwiefern die Projekte, die EBMLA unterstützt hat und weiter unterstützen will, diese Ziele berücksichtigen.

### a) Kampf gegen jede Form von Armut

Die von EBMLA mit ihren Lokalpartnern in Südamerika verwirklichten Projekte zielen alle darauf hin armen Bevölkerungsschichten aus ihrer Benachteiligung heraus zu helfen. Sei es in Agrarprojekten, in Tourismusprojekten oder auch in sozialen Hilfsprojekten, überall spielt die Verbesserung der Lebensbedingungen durch Beschaffung besserer Einkünfte eine bedeutende Rolle.

### b) Erreichung von Ernährungssicherheit und Förderung der nachhaltigen Landwirtschaft

Die Agrarprojekte, die EBMLA in Peru und Bolivien in den letzten Jahren unterstützt hat und auch weiter unterstützen will, liegen voll und ganz auf dieser Linie.





Die Resultate der Agrarprojekte, die in den Andendörfern um Cusco, in den Tälern um Arequipa, in der Umgebung der Internate in Bolivien erreicht wurden, haben der Bevölkerung die Prinzipien der nachhaltigen Landwirtschaft näher gebracht. Durch die Verbesserung der Bewässerungsmethoden und durch die Diversifizierung der Kulturen wird der betroffenen Bevölkerung eine verbesserte Ernährung garantiert. Diese verbesserte Ernährung hat ihren Konsequenzen für die gesamte Lebensweise der Nutzniesser der verschiedenen Projekte, wie wir in dem letzten Informationsblatt berichteten.



Es ist interessant zu erwähnen, dass unser neues Rahmenabkommen mit dem Kooperationsministerium für 2016 bis 2020 sich auf den Sektor „Landwirtschaft und Ernährungssicherheit“ beschränken soll.

- c) Inklusive, gerechte und hochwertige Bildung und Möglichkeiten des lebenslangen Lernens für alle

Prinzipiell vertritt EBMLA die Meinung, dass die schulische Ausbildung Sache der jeweiligen Regierungen ist. Doch findet sich in den verschiedenen Aktionen, die in Lateinamerika unterstützt werden, auch das Öffnen einer spezifischen Bildung für Jugendliche und Erwachsene wieder:

- nachhaltige Landwirtschaft in Peru und Bolivien
- professionelle Ausbildung für Frauen und Mädchen in den sozialen Projekten in Bolivien und Peru
- informelle Kunstausbildung für Jugendliche und ihre Familienangehörigen in Kolumbien

Diese Bildungsaspekte erlauben es den Nutzniessern sich besser in die Gesellschaft zu integrieren und sich besser zu behaupten.





- d) Erreichen der Gleichstellung der Geschlechter und Stärkung aller Frauen und Mädchen

Die Stellung der Frau in den verschiedenen Projekten ist wichtig.

In den Gemeinschaftsprojekten, die sowohl in Peru wie auch in Bolivien von unsern Partnern verwirklicht werden, spielt die Frau eine wichtige aktive Rolle. Viele Feldarbeiten werden gemeinsam von Mann und Frau bewältigt und wir konnten feststellen, dass in manchen lokalen Verwaltungsgremien, wie Wassersyndikaten oder Gemeinde-Baumschulen, Frauen die leitenden Stellen einnehmen.



In den sozialen Projekten zur Gewaltbewältigung gegen Frauen in Cochabamba (Bolivien) oder Cusco (Peru) ist natürlich die Stärkung der Frauen und Mädchen Hauptziel. Sie werden auf dem Weg zu Eigeninitiativen begleitet, die ihnen erlauben ihre Lebensbedingungen zu meistern. Es wird aber auch versucht mit den Partnern gemeinsam eine Lösung zu finden, um eine gewisse Gleichstellung der Geschlechter zu erreichen.

- e) Sicherstellung der Verfügbarkeit und des nachhaltigen Managements von Wasser und sanitärer Einrichtungen für alle.

Nachhaltiges Management der Wasserreserven ist ein Primäranliegen der lokalen Partner IIDAA und APU. In den von diesen Agronomen geleiteten Aktionen werden, wie schon öfters erklärt, die vorhandenen Wasserreserven gefasst, geschützt, gezielt zu den Andendörfern geleitet, wo sie der Bevölkerung dann zur Verfügung stehen. Ein nachhaltiger Umgang mit den Wasserreserven ist wichtig in einer Region wo es nur während der 3-monatigen Regenperiode regnet und die restliche Zeit die Sonne den Boden austrocknet.

In den verschiedenen Projekten wird die Bevölkerung auch in einem verantwortlichen Umgang mit den Wasserreserven geschult. In den Gemein-





den entstehen Wasser-und Bewässerungscomités, die den nachhaltigen Umgang mit dem Wasser überwachen.



f) Ergreifen dringender Massnahmen im Kampf gegen den Klimawandel und dessen Folgen

Die lateinamerikanische Bevölkerung spürt vor allem die unangenehmen Folgen des Niño-phänomens, das durch den Klimawandel in den letzten Jahren verstärkt wurde. Unvorhersehbare Überschwemmungen in der Regenperiode, verheerende Graupelschauer und stärkerer Frost in den Monaten Juli-September schaden den Kulturen und zerstören des Öfteren die Ernten.



In den Projekten von APU und IIDAA wird Wert darauf gelegt, die negativen Folgen dieser klimatischen Unregelmässigkeiten zu mindern. Mit den Bauern wird versucht die Hänge auszuwählen die geschützter liegen und z.B. Kartoffelsorten zu pflanzen, die den Gegebenheiten besser Stand halten. Des Weiteren werden die Felder mit Hecken- und Baumanpflanzungen vor der Erosion geschützt.

g) Schutz, Wiederherstellung und Förderung der nachhaltigen Nutzung der Ökosysteme, nachhaltigen Bewirtschaftung der Wälder, Be-





kämpfung der Wüstenbildung, Stopp und Umkehr der Landdegradierung und Stopp des Verlustes an biologischer Vielfalt.

Mit ihren relativ einfachen Methoden agieren die Partnerorganisationen von EBMLA in dieser Hinsicht.

Man kann eine ganze Reihe von Aktionen aufzählen, die die Agrarprojekte auszeichnen:

- Gewinnung von neuen Anbauflächen dank einer angepassten Bewässerungsmethode
- Anpflanzung von Bäumen und Sträuchern, um die Felder zu schützen und gegen die Erosion zu kämpfen
- Anbau von einheimischen Getreidesorten, Kartoffelarten und Gemüsesorten, um die Artenvielfalt zu unterstützen
- Bemühungen zur ökologischen Verbesserung der Kulturen.

#### h) Ungleichheiten verringern

Es ist klar, dass die Projekte ganz sicher auch dieses Ziel der Nachhaltigkeit ins Auge fassen. Da wo die Partner von EBMLA eingreifen, handelt es sich immer um Bevölkerungsteile, die gegenüber ihrer eigenen Mitbürger im Nachteil sind. Es sind Menschengruppen, deren Probleme von der eigenen Regierung nicht so richtig wahrgenommen werden und die ganz sicher nicht von der positiven Entwicklung, die von den politischen Verantwortlichen aus Peru oder Bolivien angekündigt wird, profitieren können.

Die Hilfsprojekte helfen diesen Bevölkerungsteilen zumindest ein wenig sich nicht ganz verlassen zu fühlen.





## Visite vum Projet „Proyectando Sueños“ zu Medellín a Kolumbien

*Stellt a Chaos!*

*Laachen a kräischen!*

*Hoffnung a Verzweiflung!*

*Iwwerraschung an Enttäuschung!*

*Glécklech dorëmmer hopsen a bedréckt am Eck setzen!*

Wéi kéint et anescht sinn?

An enger Stad an an engem Land voller Widderspréch, ass och d'Liewen dovun geprägt. Dat hunn ech och alt mol rëm eng Kéier bei mengem Besuch am Projet “Proyectando Sueños” zu Medellín gesinn an erliewt.

Während 10 Deeg hunn ech an dee Projet, deem ech virun 2 Jar verlooss hat, nodeems ech selwer 2 Jar dra geschafft hat, dierfe raluussen fir een aktuellen a reellen Abléck an all d'Facetten ze kreien. Dat guung vun administrative Reuniounen, iwwert Treffte mat der Equipp vu Proyectando Sueños a Plange vun Treffen bis zum aktive Matmaachen an den Treffte mat de Kanner an de Jugendlichen.

D'Artisten an d'pscho-sozial Equipp schaffe mat ronn 200 Kanner a Jugendlichen a versiche mat hinnen zesummen e bëssen Uerdnung an hiert Liewen ze kréien. Si wëlle si an hierer Perséinlichkeit stäerken, fir hiert Liewen an zwou Hänn ze huelen an trotz alle Schwieregkeete weider ze kommen. An dat alles an enger Stad, wou d'Gewalt an de Chaos well säit iwwer 30 Jar d'Iwwerhand behalen.

Si hunn z.B. “Muñecos quitapesares” (Pëppercher, déi d'Laste weghuelen) aus Glacestiller gebastelt. Dëst soll ee symbolische Begleeder sënn, deem ee seng Suerge a perséinlich Probleemer uvertrauen kann.

An enger anerer Aktivitéit, gouffe Maske mat 2 verschidde Gesiichter gebastelt. Déi eng Säit weist d'Mask dat, wéi all Jugendlechen sech gesäit a wéi e sech wëll duerstellen. Op der anerer Säit, op der, déi net jidderee gesäit, sinn d'Ängschten an Zweifel duergestallt, déi een eischer verstoppe wëllt.





Niewend der Arbecht u ganz perséinlechen Aspekter, hunn déi verschidde Gruppen awer och versicht hiert Bléckfeld op hie Quartier ze erweiden: si hunn hie Quartier mi bewosst ënnert d'Lupp geholl a Fotoen dovun gemaach, fir eng verännert Siicht op hie Quartier ze kreien an och vlaicht dei extra oder suguer schéi Saache vu hierem Quartier ze erkennen.



“Dale la mano a tu ciudad” (Gëff denger Stad d’Hand) ass eng Aktivitéit an där déi Jugendlech soe sollten, wéi si hier Stad gesinn a wat si sëch an der Zukunft fir hier Stad wënschen. Si hunn dës Iwwerleeungen an d’Handfläch vun hierer opgezeechenter Hand geschriwwen. An all Fanger konnten si dunn eng konkret Aktioun schreiwen, déi si perséinlech kënne maachen, fir dat d’Stad bësse méi sou gëtt, wéi si sëch dat wënschen.

De Projet leeft säit Abrëll 2011 a war dëst Jar a senger Schlussphase. D’Ziele, déi de Projet sëch gesat hat, goufen trotz villen Hürden erreecht.





Ech ginn op véier konkret a gräifbar Zieler an.

1. Et war geplangt, dat am letzte Jar d'Participanten ee Stéck vun deem viruginn, wat si an deene letzten 3-4 Jar kruten. All Grupp sollt wéinstens een Treffen no der Methode vu Projectando Sueños virbereeden an dat Treffen dann och mat Kanner, Jugendlechen oder ale Leit maachen.

Wéi ech am August do war, ass dës Preparatioun op Hochtouren gelaf. All Grupp huet seng Aktivitéiten virbereet an huet och decidéiert, u wéi si bësse vun deem wollte viruginn, wat si alles iwwert Méint oder Jore am Projet geléiert hunn.

2. Een anerent Ziel war d'Entstehung vun engem "Grupo productivo", ee Grupp an deem handgemaachte Saachen hiergestallt ginn, fir se ze verkafen.

Dës Grupp huet sech zwar richt an deenen zwee letzte Jar vum Projet fonnt, mee funktionnéiert awer lo ganz gutt. Eng Rei Mammen, Bomien a Jugendlicher (Jungen a Meedercher) kommen eemol an der Woch fir ze léieren, wéi ee kann aus recycléierbarem Material sënnavoll Allldagsgeigestänn maachen.



Et goufen dës Jar ënner anere Farden a Classeuren aus Papeier vu gebrauchten Zockersäck gemaach. Op der Foto gesidd der, wéi déi verschidden Deeler zesummegebitzt ginn. D'Resultat ass net nëmme praktesch, mee





och nach schéin.

Op verschidde “Ferias artesanales” sollen déi och lo verkaaft ginn, fir de Leit ee klengt Akommes ze erméiglichen.

D’Idee ass déi, dat d’Leit Technike léieren, déi si herno ouni weideres kënnen doheem emsetzen an hier eege Creatiounen da kënnen verkaafen, fir sou eng kleng finanziell Ressource fir hier Famill ze hunn.

3. De “Grupo de Proyección”: ee Grupp, vun deem mer eech well méi oft bericht hunn. Et sënn déi Jugendlich, déi well op mannst 3 oder 4 Jar am Projet sënn a well sou vill Erfahrungs gesammelt hunn, dat si lo selwer Treffte plangen a Gruppe vu Kanner a Jugendleche begleeden a leeden.

All zweet Woch gi si bei Jungen a Meedercher aus sou genannten “Institutions de protection” fir si an hierer perséinlicher Entwécklung ze ënnerstëtzen.

Si së Multilicateuren vun der Methodologie, déi am Projet entwéckelt gouf, a sou ass et méiglech, nach méi Kanner a Jugendlecher ze errechen.

Ech war bei su engem Treffen dobäi an ech konnt selwer materliewen, dat aus deene klengen an onséchere Jugendlechen, wéi ech së virun e puer Joer kennegeléiert hunn, responsabel a selbstsécher jonk Erwuessener gi sinn, déi keng Hëllef méi brauchen, fir ee Grupp vun 20 opgedréinte Jugendlechen ze leeden. Et war ee Genoss als stëlle Beobachter niewendrun ze sëtzen an nëmmen ze staunen.

Verschiddener vun hinnen hu mir e puer perséinlich Kommentarer zu dem opgeschriwwen, wat si am Projet geléiert hunn:

Daniel (21), 5 Jar am Projet: “Ech hu geléiert Méiglickeeten ze erkennen, fir d’Liewen positiv ze beräicheren an dat harmonesch Gedanken engem säin eegend Liewen an och d’Zesummeliewe mat denen aneren vereinfachen.”





Anderson (22) : “Ech hu geléiert mir ze vertrauen, Selbstbewosstsäin opzebauen a keng Aangscht méi ze hunn. De Wee ass net einfach, mee ech versichen alles wat ech maachen mat Freed an Hingab ze maachen.”

Lorena (17): “Ech hu geléiert méi u mech ze gleewen an u mengen Ängschten ze schaffen.”

Cesar (16): “Am Liewe muss ee fir dat kämpfe, wat ee gäeren hätt, et muss ee sëch dru ginn an mat aller Kraaft dru schaffen, fir virun ze kommen. Et muss een ëmmer no vir kucken, ni no hannen.”



Jenyffer (18): “Ech hu geléiert drun ze gleewen, dat alles méiglech ass a positiv ze denken an eng positiv Haltung viru Probleemer ze hunn. Ech hu mech besser kennegeléiert an entdeckt zu wat ech alles fäheg sinn.”

4. Ee globalt Ziel ass et Kanner a Jugendlech, déi a Gewaltsituatiounen opwuessen, an hierer Perséinlichkeit ze stäerken an hinne positiv Ustéiss mat op de Wee ze ginn.

Ech wëll eech vu engem Grupp berichten, op deen de Projet ee sicht-





bare Wandel huet. Et sënn d'Meedercher aus enger "Institution de protection". Dat sënn Institutiounen, déi Jugendlecher, an dësem Fall just Meedercher, ophuelen, déi ënner Gewalt an der Famill gelidden hunn oder drogesüchteg waren an op der Strooss geland waren.

Dës Meedercher kommen als Wrack an dës Institutiounen, ginn hei zur hierer eegener Sëcherheet quasi agespaart a verbrenge eng Rei Méint hei, bis fir si eng Léisung fonnt gëtt. Dës Meedercher hu well immens vill matgemaach an hunn oft all Liewensloscht verluer.

Grad fir dës Meedercher geet regelrecht d'Sonn op, wann et heescht: "Proyectando Sueños kënn fir mat eech ze schaffen", well si do op eng unkomplizéiert Art a Weis kënnen u sëch selwer schaffen an awer och einfach sangen, tanzen, molen...eben eppes Schéines maachen an erliewen. Dat sinn einfach positiv Momenter an hierem Liewen, déi hieren Alldag an hier Entwécklung immens beaflossen.



Ech hat un engem Musiksatelier mat hinnen deelgeholl. Et war eng super Ambiance. Si hu mi ee Lidd nom anere virgedroen, wat si well geliert haten. Si ware stolz, hier Aen hu geliicht a si hu gelaacht.

Dat klingt lo  
vlaicht net no

eppes Extraem! Mee wann ee bedenkt, dat een et hei mat 14- oder 15-jährige Meedchen ze doen huet, déi sëch well bal opginn haten?

Ech wëll dëse Bericht ofschléissen mat e puer Zeilen aus dem Jota sengem Bréif, dee mech virun e puer Deeg erreecht huet. De Jota war DE





Schauspiller aus dem Projet a war fir d'Theatergruppen zoustänneg. Hee war net nëmme vun Ufank un am Projet "Proyectando Sueños", mee hee war och well an de Virgängerprojeten aktiv. Heen huet am Oktober seng Arbicht am Projet opgehale a sengen alen an aktuellen Arbechtskolleegen ee Bréif geschriwwen, aus deem ech eech lo mat senger Erlabnis e puer Zeile weiderginn:



“Virun net all ze laanger Zäit, hu verschidde Persounen sech an engem klengen Projet fonnt. Mir waren net gläich, mee sëcher all extra. An engem klengen Raum ass d'Idee dunno opkomm mam Häerz ze ginn a sou hu s'ech déi verschidde Leit mam Wand an all Richtunge beweegt, fir op aner Leit duerzegoen an hiert Wësse weider ze ginn. A sou ass fir vill Persounen een neit Doheem entstan an dat si méi oder manner laang ëmmer rëm zréckfonnt hunn....

Hunn ech et gutt gemaach oder hunn ech et schlecht gemaach? Dat weess ech net. Dat eenzegt wat ech weess ass, dat ech dat viruginn hunn, wat ech hat, wat ech wosst a wat aner mir ginn hunn.”

*Monique Dahm*





## 4 ½ Joer Projet „Travail Digne“ a Bolivien – E Réckbléck

Am Feburar 2011 gouf de Projet “Appui à un travail digne” geschriwwen: D’Basis waren Erfahrungs mat mannerjährege Meedercher, déi op hiere jeweilegen Aarbechtsplazen ausgebeut goufen, an sech deem net emol bewosst waren.

Mat Ennerstëtzung vun der „Bréck“ an dem Kooperationsministère hu mir am September 2011 de Projet zu Cochabamba/Bolivien opgebaut, mam Ziel, dës Meedercher iwwert hier Rechter ze informéieren an hinnen ze hëllefen, eng korrekt Aarbechtsplaz ze fannen. Zimlech schnell hunn sech och bedürfteg Fraen zu eiser Zielbevëlkerung gezeit.



Am August 2012 krute mir d’Méiglechkeet, en eegene Büro opzemaachen, a sou sämtlech Leit ze empfangen, déi Ennerstëtzung am Aarbechtsberäich brauchen. D’Meedercher an d’Fraen hunn eis weiderhinn opgesicht, an hier Famill a Frënn matbruecht. Ab 2013 hu mir Workshop’en zum Aarbechtsrecht

a Schoulen an Héichschoule ginn. Sou konnte mir bis August 2013 iwwer 1000 Jonker errechen.

D’Noutwendegkeet vun de Leit huet sech am groussen Succes vum Projet remgespigel: Am Oktober 2013 hu mir missten eng zousätzlech Persoun astellen. Mat Hëllef vum Andrea konnte mir di duebel Unzuel vu Leit an der Jobsich an a Fäll vun Aarbechtsausbeutung begleeten: Bis August 2014 hu mir iwwer 300 Persounen an dës Beräicher ennerstëtzt. Ausserdeem hu mir eng „Jobbörse“ mat iwwer 30 Entrepreneuren opgebaut, déi sech bereed erkläert hunn, d’Bénéficiaire vum Projet zu korrekten Aarbechtsbedéngungen anzustellen.

Mam Ziel, eis Participant’en besser op eng erfollegräich Aarbechtsmaartintegratioun virzebereeden, hu mir am September 2014 eng Psychologin agestallt. D’Unzuel vun de Leit, déi sech op hierer Aarbechts-





plaz stabiliséieren, ass sou gestiegen. Ausserdeem hu mir en Affekot engagéiert, deem d'Leit am Fall vun Ausbeutung begleet an an hieren Uleien ënnerstëtzt. Hien ass deem eenzegen Affekot a ganz Cochabamba, deem dës Aarbecht gratis a sou och fir di aarem Leit mécht.

Bis Dezember 2015 huet de Projet „Trabajo Digno“, mat Äerer Ënnerstëtzung, iwwer 1000 Persounen individuell begleet, wat eng Verbesserung vun hieren Aarbechts- an sou och vun hiere Liewenskonditiounen mat sech bréngt. Iwwer 2500 Persounen hu sech a Workshop'en zu hiere Rechter informéiert, a méi wéi 10 000 Persounen konnten op Foiren, iwwer Flyer'en an iwwer de Radio sensibiliséiert ginn.

Elo, no 4 ½ Joer, geet eis Finanzéierung duerch „Eng Bréck mat Latäinamerika“ op en Enn, a mir wëllen hinnen – an Iech – e ganz ganz grouse Merci soen, am Numm vun all eise Bénéficiairen, deenen Dir während dëser Zäit gehollef hudd. Duerch Iech konnte si eng Aarbecht ënner korrekter Bedéngung fannen, a sou e Wee aus der Aarmut eraus.



VILMOOLS MERCI!

Martine Greischer

trabajo.digno.coord@fcv-bo.org  
Facebook: Trabajo Digno





*Am Oktober 2015 huet d'Madame Sarah Anjo, eisen Usreechpartner am Kooperatiounsministär, d'Projeeën vun APU an der Géigend vu Cusco besicht*

Mat Hëllef vum QR-Code, den der hei niewendru fannt, ass et och méiglech iwer DIGICASH en Don op de Kont vun der “Eng Bréck mat Lateinamerika” ze maachen.



**Mersch**  
**Port payé**  
**P/S.246**

**Eng Bréck mat Latäinamerika**  
**1, rue Pierre Schwartz**  
**L-7564 Mersch**

